



Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, a vun der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltig Entwécklung, Joëlle Welfring, op d'parlamentaresch Fro n° 6419 vum honorabelen Deputéierten André Bauler zum Sujet "Feux de forêt"

Fro 1

De CGDIS huet 2019 eng nei, standardiséiert Alarméierungsstuf fir Vegetatiounsbränn agefouert, soudatt een d'Zuele vun no 2019 net mat deene vun de Jore virdu vergläiche kann. Säit dem 1. Januar 2019 sinn zu Lëtzebuerg 245 Vegetatiounsbränn gezielt ginn:

- 2019 : 73
- 2020 : 83
- 2021 : 30
- 2022 (bis de 13.09) : 145

Duerch déi waarm Temperaturen an d'Dréchent sinn an de Méint Juli an August iwwer 50% vun de Vegetatiounsbränn. Jee no Wiederlag am Summer kënnen dës Zuelen awer och relativ staark variéieren (Beispill 2021), woubäi iwwert déi lescht Jore en allgemengen Trend no uewe beobacht ka ginn.

Fro 2

D'Vegatiounsbränn betreffen dat ganzt Land, ouni dass sech déi eng oder aner Regioun erausschilt. Am Plan national d'organisation des secours (PNOS) steet folgende Constat : «Les feux se répartissent à travers tout le pays. Ce sont les feux de champs ou de prés, consécutifs à la réalisation des moissons, qui ont constitué la majorité des feux et qui ont nécessité pour chacun d'entre eux l'engagement le plus faible en moyens de secours ».

Fro 3

Den Ausmooss vu Vegetatiounsbränn gëtt eréischt zënter kuerzem vum CGDIS iwwert eng standardiséiert Method erfaasst, soudatt et heizou keng statistesch fiabel Zuelen iwwert déi lescht Jore ginn. Déi gréisst Vegetatiounsbränn an de leschte Joren zu Lëtzebuerg haten awer all jeweils eng maximal zesummenhängend Fläch vu manner wéi 15 ha. Et gouf keng sougenannt *Megafeiere* vun honnerten Hektar, wéi ee se haut schonn am Ausland ka gesinn. An der Reegel sinn et éischer méi kleng Bränn, déi sech op e puer Ar oder héchstens 1-2 ha limitéieren.

Fro 4

De CGDIS huet en internen Aarbechtsgrupp, dee sech mat all de spezifesche Sujete ronderëm d'Thema Vegetatiounsbränn beschäftegt a konkret Mesuren ausschafft: Asztaktik, Material & Gefierer, Formatioun, Austausch mat aneren Acteuren aus deem Domaine, Präventioun & Sensibiliséierung asw. Donieft kënn et och zu engem enken Austausch mat Pompjeeën aus anere Länner, fir vun dësen ze léieren a vum Erfahrungsaustausch ze profitieren.

Lëtzebuerg, den 15/09/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding